Ich wünsche meinem gutgelaunten, emsigen Gesprächspartner 'den einen oder anderen Neukunden und hoffe zusammen mit seinem Kundenkreis, dass unser 'Méllechmann' uns noch lange erhalten bleibt.

Guy Berwick



ERST DIE ARBEIT, DANN DAS SPIEL

Wie jedes Jahr, so waren die letzten Wochen geprägt von der Vorbereitung der Freiluftsaison.

Leider waren die Winterstürme nicht schadlos an der Begrenzung der Tennisfelder vorbeigegangen. Dank der tatkräftigen Mithilfe der Gemeinde und ihrer Mitarbeiter konnte die Umzäunung allerdings fristgerecht wieder hergestellt werden. Ihnen gebührt ein herzliches „Merci“ aller aktiven Tennisspieler.

Daneben galt es während dem Monat April, den alten Tennisbelag abzutragen und neue rote Asche aufzubringen und die Spielfelder regelmässig zu walzen.

Wie aus den Bildern ersichtlich waren hierzu vornehmlich die Mitglieder des Vorstandes im Einsatz. Nicht vergessen wollen wir aber die Mithilfe von Gast Zimmer und vor allem von Jean Mons der jedes Jahr dafür sorgt dass der neue Belag fachgerecht verteilt wird. Leider konnten wir das auf den Bildern nicht festhalten da Jean diese Arbeit von Jahr zu Jahr schneller erledigt, und der Fotograf keine Zeit hatte dies bildlich festzuhalten.



Auch unser Platzwart war bereits im Einsatz um wie jedes Jahr die automatische Berieselungsanlage wieder in Stand zu setzen



Unser Warenlager schliesslich bedurfte ebenfalls einer «Generalüberholung» und so manches Teil fand endlich seinen Weg auf die Müllhalde.



GALACONCERT 2005 GOES

HOLLYWOOD

Um drëtten Sonndeg Januar hat d'Schirener Musék traditionsgeméis op hire Galaconcert an d'Sportshal agelueden. Als Thema haten d'Musikantinnen an d'Musikanten d'est Joer Filmmelodien ausgewielt, déi senger Zäit zu Hollywood mat engem Oskar ausgezechent goufen.

Viru schätzungsweis 750 Unhänger vun der Blossmusek, gouf pénktelech em halwer fënnef ènnert der Direktioun vum Blaise Stélandre mat der Introdution Zarathustra an „Dance With Wolves“ vun John Barry op den dësjeërege Galaconcert agestëmmt.

Duerch de Programm huet wéi gewinnt d'Maggy Meisch gefeiert, d'Maggy huet di noutwendeg Erklärungen zum Interpret

an der Entstehungsgeschicht vun de einzelnen Stécker ginn. Et gong am éischten Deel weider mat „Lawrence of Arabia“ vum Maurice Jarre, „Titanic-Medley“ vum James Horner, en Highlight gouf et bei „Limlight“ wéi de Schiereener Berufsschauspiller Daniel Plier de Charlie Chaplin nees opliewe gelooss huet, mam „Porgy and Bess Medley“ vum Georges Gershwin gong et zum Schluss vum éischten Deel.

No der Paus gong et weider mat „Love Story“ vum Francis Lai, „Fame“ vun Core & Pitchbord, „Indiana Jones“ Selection vum John Williams.

Als neie Präsident vun der Kultur a Festkommissioun huet den André Schmit der Musék fir di fantastesch Prestatioun felici-



Foto vum BERNARD Marc

téiert an huet als Ausdruck vu Sympathie dem Blaise Stélandre en herrleche Bouquet iwwereeche gelooss.

De sichtlech zefriddenen Präsident Jean Nickels huet allen Uwiesenden merci gesot fir hirt Kommen, ënnert hinnen d'Deputéiert Charles Goerens a Bim Diederich, dem Buergermeeschter Jos Lutgen de Scheffen am Gemengerot souwi verschiddenen Nopeschbuergermeeschteren. En huet ganz besonnesch dem Blaise Stélandre seng Fachkompetenz a seng Gedold ënnerstrach, an huet sech bei alle Musikantinnen a Musikanten fir hir Disziplin an deene leschte Méint bedankt. Ee grouse Merci gong un eis technesch Ekipp, an un all déi, di rondrëm de Concert am Asaz waren. Ee besonnesche Merci huet de Präsident un di edel Spender vu de Partituren geriicht.

Mat "Fiddler on the Roof" arrangéiert vum Calvin Custer gong de Galakonzert 2005 op en Enn.

De Publikum huet stoend minutelang Applaus gespennd an zwou Zougaben gefuerdert, an hu sou de Charlie Chaplin nach eng Kéier zu Éieren komme gelooss.

D'Partituren goufen der Rei no gestéift vun: Ed Schenten, Nico Kasel, dem Buergermeeschter Jos Lutgen, Nicole Mersch, Mme

Yvonne Schmit-Werdel, dem Här Paschtouer Romain Gillen, Saelly & Alex Nickels, Nico Castermans a Jean Meyrath.

D'Texter zu den eenzelne Stécker si vum Nicole Mersch, den Entworf vun de Plakater an den Invitatiounen ass eng Produktioun vum Jemp Feinen.

Wéi op der Foto uewen ze gesinn, hat eisen Dekorateur Georges Petit och dést Joer keng Méi gescheit an huet a wochelaanger Aarbecht mat dréi Meeschterwierker de passenden Hannergrond op d'Leinwand bruecht.

De Galaconcert 2005 war nees op der ganzer Linn ee groussen Erfolleg, a mir ginn Iech lo schons rendez-vous um nächsten drëtte Sonndeg Januar fir de Galaconcert 2006.

Op Decisioun vum Comité gouf den Erléis vun der Kollekt, 1.250 den Affer vum d'Tsunami an Asien zoukomme gelooss.

Eng CD vum Concert kënn dir Iech fir 15 iwwert ee Comitésmember bestellen.

CP

ENG STRÉPP VUN DER SCHIRENER MUSEK UM BASKET ZU ETTTELBRÉCK

Wéll di Ettelbrécker Strépp Mëttwochs viru Christihimmelfahrt bei der zweeter Final ëm de Championstitel wéinst enger anerswerteger Verflüchtung nit konnt untrieden, huet de Präsident vum BBC Etzella bei eis ugeklappt op mir wëllten asprangen, fir mat der néideger musekalescher Ënnerstëtzung déi Ettelbrécker Spiller zum Gewënn vum éischten Heemspill unzefeieren, an domat en drëttan an entscheidende Mätsch ze erméiglechen.



D'HÄRENEKIPP MECHT EN AUSFLUG OP BERLIN

13 Veteranen sti prett beim Franca fir op Berlin. Mat dem Germain an dem Nico Theves un senger Säit ware mir mat de Chauffeuren gutt bedingt. Um véierel op 10 si mir fort gefuer a waren Donnesdes moies um véierel op 9 zu Berlin am Hotel «Ambassadeur».

Well mir jo keng Lidderech sin, hu mir eist Gepäck am Hotel ofgesat a sin Berlin per pedes entdecke gaangen. Mir wollten am Fong geholl net wäit zu Fouss goen, mee ewéi esou eng Stad et un sech huet, kanns de nawell wäit goen bis de eppes gesäis.



D'Schierener Härenekipp zu Berlin (virum Museum)

Iwwer 5 Kilometer hate mir gemeet fir an den Markeschen Höfen dunn z'iessen. Duerno si mir am Fernsehturm an 42 Sekunden 202 Meter héich erop gefuer, fir do awer eng super Vue iwwert ganz Berlin ze hunn. Nit zu Fouss mee mat der S-Bahn si mir zrëck an den Hotel gefuer wou mir dann och op eis Zëmmeren goe konnten. Um halwer aacht si mir dann an de Ristorente «Schell» zu Nuecht iesse gaangen. Gutt hu mir do giess a géint Mëtternuecht waren mir all frou fir kënnen schlofen ze goen well mir di Nuecht virdrunn am Bus verbruecht haten.

Freides moies hate mir eng Guide, déi eis während 3 Stonnen versicht huet Berlin besser kennen ze léieren wat hir och gelongen as. Berlin as eng herrlech Stad mat villen historische Bauten, a well eise Wëssensdrang sech esou enorm gesteigert hat, si mir gläich drop an d'Boot geklommen, an hu Berlin dunn och nach iwwert d'Waasser studéiert.

Owes si mir an de gutt bekannten Restaurant «Paris Bar» iesse gaangen wou mir dem Patron seng Suggestiounen appreciieren konnten. Zefridden si mir zrëck an den Hotel gefuer.....ausser de Mil an de Guy si wollten mam gudden Beispiel virgoen a sin zu Fouss zrëck an den Hotel gaangen.

Vis-à-vis vun eisem Hotel war eng kleng Bar, déi ewéi et sech spéider sollt erausstellen sech zu eiser Bar gemausert huet.

Moies hu mir Shopping gemeet am KADEWE

(gréissten Shopping Zenter an Europa) a Mëttes si mir den Olympiastadion kucke gaangen, den ewéi bal alles zu Berlin eng gloriéis Vergaangenheet huet.

Duerno hu mir an eiser Bar «Berlinchen City» d'Bundesliga gekuckt a sin um halwer aacht an de Restaurant «Le Filou» zu Nuecht iesse gaangen. D'Schwerter déi eis do ronderem de Kapp hongen waren mat gudden Stecker Fleesch an Scampi-Mäifel lackeleg preparéiert.

No dem Iessen si mir mam Mil an en Irish Pub gaangen fir zum Schluss dann awer an eiser klenger Bar niewend dem Hotel Feierowend ze machen. Do war och nach eng Wett wou et drems gong (frot einfach een deen mat war.)

Rendez-vous hate mir eis ginn, fir Sonnesmoies um halwer 7 Kaffi ze drénken an dann um 7 Auer Richtung heem ze starten.

Moies um halwer 7 kommen ech bei de Bus, do sot de Germain: «Jos du wells um 7 Auer fortfuereen !!!!! doiwere lafen der nach 2 vun eis ronderem de Comptoir». Een woussst ech direkt, mee beim Zweeten war ech iwwerrascht. Ech dann iwwert Strooss, do gesin ech den N..... beim Comptoir stoen, am gaangen Grimassen ze schneiden, an de P.... stong beim Spigel sech mat den Hänn ze kämmen.

De P. hat dunn awer alles verstanen, während den H. guer näischt verstanen hat. Déck gemault huet hien nach, awer soss guer näischt. Ech sin seng Valis op d'Zëmmer siche gaangen an ewéi ech dun zrëck koum war hien fort, anscheinend seng Vallis sichen. Ech sot dat ka nit sinn well ech kommen aus séngem Zëmmer an do war ken. Zrëck op d'Kummer mee et war kee N. dowat elo machen ?

De John an den Änder gin op d'Sich a fannen dee Nikki an enger anerer Kummer um Bett ze schlofen.....100% Zoufall well soss wier hien zu Berlin bliwen.

E schéinen Tour as domadder op en Enn gaangen. Mir haten villéicht nët vill geschlof awer vill gesinn.

Jos Lutgen



D'Schierener Härenekipp zu Berlin (bei der Mauer)

OP FUESMEINDEG WAR ZU SCHIEREN ENG LASS



Op Hex, Nonn, Prinzessin
Léiw, Peipeldéier oder
Teletubi...wann d'Lisa Gas
gëtt maache se all matt...
do bleiwt kee sätzen



Och dest Joër hun um Bal vun der
Elterenvereenegung déi kleng
Schierener gewisen wéi een sech
amuséiert
T'war fir jiddereen eppes dobai
och fir d'Mammen



Den nächste Rendez-vous gëtt iech d'Equipe vun der Elternvereenegung
Freides den 08.07.05 um Schoulfest

POMPJEEË SCHIEREN GENERALVERSAMMLUNG A BUERGBRENNEN



E Freideg, den 28. Januar, wor am neie Festsall d'Generalversammlung vun de Schierer Pompjeeën. De Kommandant Aly Lambrelle huet no der Begrëisung vun den Eieregäscht d'Wichtigkeet vun den Übungen ennerstrach, déi s'ch nit nëmmen op Schieren beschränken.

Am leschte Joer goufen eng sëllech Übung mat de Pompjeeën vun Ettelbréck ofgehal. Wéi et mat enger méiglecher „Pompjeeën Nordstad“ steet, do sinn d'Politiker gefuerdert. Réckblendend op d'Joer 2004 stécht d'Aweigung vum neie MTW hervir an zum Schluss gung ee Merci u jiddereen, deen irgendwéi d'Schierer Pompjeeën ennerstëtzt huet.

Den Tätigkeetsbericht huet d'Sekretärin Christiane Zanier-Ebel presentéiert. 54 Asätz, dovun 7 Brandasätz a 47 technesch Asätz stungen um 2004 Bilan. Nieft den Asätz stungen nach: den Negerbal, d'Buergbrennen, Kaartemeeschterschaft vum Kanton Dikrech, 1.Mee-Feier mat Aweigung vum MTW, Nationalfeierdag, Pouletsfest, Barbarafeier an d'Chrëschtfeier um Programm.

Op den 31. Dezember 2004 stellt sech de Corps zesummen aus 30 Aktiver enner 65 Joer, 2 Aktiver iwwer 65 Joer, 8 Jugendlecher am Alter vun 8 bis 16 Joer an 12 Dammen. Am Ganze sinn dat der 52.

Zum Schluss huet d'Sekretärin eng Stellungnahm zum Artikel am Feierkrop iwwert d'Schierer Pompjeeën zum Negerbal geholl. Zënter méi wéi 35 Joer besteet den Numm Negerbal als Fuesbal vun de Schierer Pompjeeën, deen eng Traditioun ass grad esou wéi de Zigeinerbal, Flantessebal, Zatzebal asw. D'Schierer Pompjeeën si keng Rassisten oder Xenophoben well dat beweist ee Bléck an hir Memberslëscht: nieft de Lëtzebuurger ginn et och eng Rei Nët-Lëtzebuurger, déi zënter Joeren sief et an der Equipe oder am Comité matschaffen. Ënnert de sëllegen Nationalitéiten sinn oder woren ë.a. Kroaten, Belsch, Däitscher, Hollänner, Kapverdianer a Portugiesen an de Schierer Pompjeeën aktiv. Keen, awer keen eenzegen huet de Corps wéinst Diskriminatioun vu senger Nationalitéit verlooss oder ass ausgeschloss ginn.

No dësem emotionale Virtrag huet d'Sekretärin de Feierkrop zerappt a fir déi Aktioun an d'Stellungnahm krut hatt ee groussen Applaus vum volle Festsall.

De Keessebericht vum Caissier Alex van der Meer ass vun de Revisoren ugeholl ginn an de Jerry Garson huet de Bericht iwwert d'Übunge gemeet. Am Ganze gouf et 22 Übungen an am Verglach mam Joer virdrun hu sech méi Leit un den Übungen bedeelegt. Des Weidere goufen Detaillier vun den Übungen a vun den Asätz matgedeelt. Hervirgestrach gouf hei déi gutt Zesummenaarbecht mat de Pompjeeën vun Ettelbréck.

D'Aktivitéit vun de Jugendpompjeeën huet de Jugendleeder Tom Gries virgedroen. No sengem Rapport goufen nei Memberen an de Comité gewielt an déi zwéi nei Membere sinn de Patrick Humbert an de Gilles Hemmerling. No de Wale gouf dann



d'Christiane Zanier-Ebel fir 25 Joer bei de Schierer Pompjeeën géiert.

Schierer Pompjeeën hëllef en nit nëmme wa se iwwert de Piepsert oder d'Sirene geruff ginn, mais och ennerstëtze si gutt Wierker. Am Kader vun der Generalversammlung hunn d'Pompjeeën ee Scheck vun 1000 Euro un de Schierer Atelier, deen duerch de Chargé de direction Gilles Rod vertruede wor, iwwerreicht. Uschlëssend sinn d'Aktivitéit vum Schierer Atelier virgestallt ginn.

De Schäffe Jos Zeimes gesäit et als ee positivt Zeechen, datt d'Schierer Pompjeeën ee jonke Comité hunn, wat op eng gutt Zesummenaarbecht hiweist. Bei der Diskussioun vun de „Pompjeeën Nordstad“ sou ass et nëmme ze hoffen, datt fir jiddereen eng gutt Léisung fonnt gëtt. Zum Thema Negerbal, do steet d'Schierer Gemeng ganz hannert de Pompjeeën hirer Positioun. De Schlussriedner, Charel Goerens, huet fir déi fräiwëlleg Merci gesot an och geluewt.

No engem Patt an enger klenger Agape gung et dann an den ale Festsall, wou den Negerbal wéi déi Jore virdrun ee volle Succès verzechent huet.

14 Deeg duerno, den 13. Februar, wor d'Buergbrennen ugesoot. Während de puer Deeg virdrun sinn d'Pompjeeën duerch d'Duerf fir d'Buerg ophiewe gaangen. Samsdes, den 12. Februar, goufen d'Préparatiounen fir den Dag duerno an Ugreff geholl.

Sonnes moies fréi hunn dann d'Aarbechten um Kräizbierg ugefaang. No puer Joer Paus ass dës Joer d'Buerg rëm gebonne ginn (nodeems d'Buerg mat de Rondballen operéiert gouf). Nei wor dës Kéier, datt d'Leit an engem Fakelzuch vum Pompjesbau bei d'Buerg op de Kräizbierg gaange sinn.

Ronn 80 Leit hu sech bei dësem Fakelzuch bedeelegt. Uewen ukomm gouf d'Buerg ugefaang an de Wanter ass no der aler Traditioun symbolesch verdriwwen ginn.





DIE SAISON 2005

In der Saison 2005 werden erstmals 6 Teams teilnehmen. Die angestammten Teams aus Beckerich, Dudelage und Schieren, dazu die 2 neuen Teams aus Diekirch und Junglinster, sowie ein Ergänzungsteam aus dem Saarland: die Saarbrücken Riverbandits. Das Team, was normalerweise in der deutschen Landesliga spielt und sich momentan im Neuaufbau befindet, hat bei unserem Verband, der FBL, eine temporäre Spiellizenz beantragt, da die FBL einen wesentlich attraktiveren Spielplan bietet und zusätzlich auch noch finanziell zu tragen ist für Vereine mit niedrigem Budget. 2005 werden in der regulären Saison zwischen April und September 20 Spiele absolviert, und das jeweils Sonntags. An jedem Spieltag werden 2 Spiele ausgetragen, das 1. Spiel morgens um 11 Uhr und das 2. mittags gegen 14.30 Uhr.

Zur finalen Saisonvorbereitung waren die Cowboys am Wochenende des 8. zum 10. April im Trainingscamp in Nommern am Camping "Noumerlayen" das mit einem Einladungsturnier am Samstag verbunden war. Die Cowboys spielten dort gegen die Teams aus Dudelage und Diekirch und schlossen mit einem Sieg und einer Niederlage auf dem 2. Platz ab.

Zum Saisonöffnungsspiel am 17. April waren die Cowboys dann auch gleich zu Gast in Saarbrücken. Nach einer katastrophalen Leistung im 1. Spiel (6-18 Niederlage), das mit unnötigen Fehlern, die auch zum Teil auf Übermotivation zurückzuführen waren, nur so gespickt war, verbesserte sich das Team im Laufe des Tages sehr stark. Im 2. Spiel liessen die Fehler dann merklich nach, am Schlag wurde Schieren immer effektiver und nach 3 Stunden Spielzeit gelang es den Cowboys schliesslich mit dem letzten Schlagmann die Riverbandits mit 17-16 niederzuringen. Dieser Sieg war umso schöner da sich zeigte, dass eine gute Vorbereitung und gute Stimmung im Team sich letztendlich doch auszahlt, und da niemand mit einem gewonnenen Spiel in Saarbrücken rechnete.

2005 wird die FBL zum ersten Mal eine Nationalmannschaft zusammenstellen. Die nominierten Spieler der Cowboys sind: Pol Assel, Ted Junker, Laurent Lutgen, Max Pletschette, Pit Schartz als Spieler, sowie Alain Lutgen als Cheftrainer & Spieler und Gilles Schmitz als Assistententrainer. Die erste Aufgabe der Nationalmannschaft lässt dann auch nicht lange auf sich warten. Am Pfingstwochenende wird das Team Luxemburg in Zülpich, etwa 40km vor Köln, in einem internationalen Einladungsturnier gegen hochkarätige Teams aus Köln, Amsterdam, Helsinki, Basel, Brüssel...usw antreten und Erfahrung sammeln. Einige Fans haben sich bereits als Zuschauer angemeldet!

Wir freuen uns mitteilen zu können, dass unsere Heimspiele ab dieser Saison auch wirklich Heimspiele sind und in Schieren ausgetragen werden können. Da die Gemeindeverwaltung, genau wie wir selbst, aus verschiedenen Gründen kein angemessenes Spielfeld finden konnte, werden diese Heimspiele auf dem Trainingsfeld des Sportgeländes "am Géier" ausgetragen. Ein grosses Dankeschön deshalb an die Gemeinde!

Hier nun das Spielprogramm der Cowboys bis zum 31. Juli:

Sonntag	01. Mai	Cowboys	gegen	Beckerich
Sonntag	08. Mai	Junglinster	gegen	Cowboys
Sonntag	05. Juni	Cowboys	gegen	Dudelage
Sonntag	12. Juni	Diekirch	gegen	Cowboys
Sonntag	03. Juli	Cowboys	gegen	Junglinster
Sonntag	24. Juli	Cowboys	gegen	Diekirch
Sonntag	31. Juli	Dudelage	gegen	Cowboys

Ganz aktuell ist die Meldung, dass die Beckerich Hedgehogs ihr eigenes Spielfeld von der Gemeindeverwaltung bekommen, was die Gemeinde 40.000.- € kosten wird. Der Antrag wurde übrigens einstimmig von der Sitzung angenommen. Da sieht man, was alles möglich ist, wenn man zusammen in eine Richtung zieht...

Cowboys am 9. April in Schieren (Foto J. Lutgen)

stehend v.l.n.r.: Alain Lutgen, Ted Junker, Dan Lutgen, Gerry Hoffmann, Jean Wagener, Yves Pauwels

kniend v.l.n.r.: Luc Weimerskirch, Rick Wolff, Claude Pletschette, Max Pletschette, Pit Schartz



www.cowboys.party.lu



FRAEN A MAMMEN SCHIEREN KAFFISSTUFF OP PÄLLEMSONNDEG

Schons mei wéi 30 Joer halen d'Fraen a Mammen hire Basar mat Kaffisstuff op Pällemsonndeg.

Am Virmëtteg konnten d' Leit bei eis den Apéritif drénke kommen oder den Dessert mat heem huelen. Am Nomëtteg hu mir eis schéin Handaarbechten, déi erem ee grouse Succés haten, verkaaft. Weider hu mir Ouschterkränz a Bastelaarbechten ugebueden. Bei der grousser Tombola hu vill Leit hirt Gléck versicht. D'Supertombola hat och op ee Neis ee groussen Erfollëg.

Eis Gäscht hu sech et gemittlech gemaach bei engem gudde Stéck Kuch oder Taart an enger Taass Kaffi.

Fir d' Nuetiessen waren nach eng Kéier ganz vill Leit bei eis komm fir den Dag, deen ee volle Succés war, mat eis ofzeschléissen.

Ee grouse Merci all deene Leit déi eis deen Dag an irgend enger Form ënnerstëtzt hun.

Merci och un all déi Dammen, déi eis op desem Basar gehollef hun. Ouni hir Mathëllef kënnte mir dat alles net realiséieren.

I.F.

CTF: AUSFLUCH AN D'REVUE

Wéi all Joer, so hat och dëst Joer den Gaart an Heem eng Busfahrt an d'Revue organiséiert.

Ronn 30 Leit hu vun deser luewenswerter Initiativ profitéiert fir ouni Stress ee flotten Owend ze verbréngen.

Pénktlech huet den Bertemes Marcel eis bei der Kierch ewech geholl an bis op den Parvis vum Neien Theater gefouert wou mir

mat e puer Schrëtt schon am Hall vum Theater waren.

No ronn 2 Stonnen wou d'Laachmuskelen déi eng oder aner Kéier gutt strapazéiert goufen, awer och muenches derbäi war fir di kleng gro Zellen zum Nodenken unzureegen, stung den Bus erëm parat fir eis sécher op Schieren ze bréngen.



NEIES AUS DER PAAR



1. HELLEG KOMMUNIOUN ZOU SCHIEREN

No der Virbereedungszeit war et den 10. Abrëll fir 27 Kanner aus dem 3. Schouljoer souwäit. Den Dag vun hirer eischter helleger Kommunioun war do.

Ganz opgeregt haten d'Kanner sech (an der beschter Tenue) géint 10 Auer bei der Gemeng afonnt. Den Här Paschtouer huet si begréisst an si geseent. An enger feierlecher Prozesssioun ass et dunn a Begleedung vun der Musek an de Pompjeeën bis an d'Kirch gaangen.

Zesummen mat hirer ganzer Famill hun d'Kanner hei eng flott Mass gefeiert. Thema vun deser feierlecher Mass war natierlech



d'Gemeinschaft mam Jesus. Als Symbol haten d'Kanner sech dest Joer d'Blumm erausgesicht.



KLIBBEREN 2005

Eng vun den Aufgaben, nieft dem Déngscht an der Kierch, ass fir eis Massendénger d'Klibberen. An 23 Kanner war et net ze ustrengend, fir moies fréi opzestoen. Sie hunn hirt Bescht gin, fir d'Klacken Karfreideg an Karsamsdeg ze ersetzen. Eis Massendénger hun hir Saach nees gutt gemaach.



Samsdes moies hate mir zesumme Kaffi gedronk. Nodeems den Här Paschtouer d'Wäiwaasser geseent hat, ass et dunn op den Tour durch d'ganz Duerf gaangen.

Schéin Ouschteren haten sie Iech gewënscht an dir hutt sie belount mat engem Don.

Eis Massendénger waren ganz houfreg, wei si hirt Täschengeld kritt hun an wéi sie héieren hunn, wat nach an hir Kees gaangen ass. Mir soen Iech, léif Leit, VILLMOLS MERCI fir aer generéis Ënnerstëtzung.

A, versprach, och d'nächst Joer wäerten mir Iech erëm, mat eisem Klibberen moies fréi wakreg maachen.





OKTAV 2005



Dënsdes de 26. Abrëll 2005 ass Schieren bei d'Muttergottes an d'Kathedral gepilgert.

Als Massendénger ware mir zesumme mam Zuch an d'Stad gefuer. Ze Fouss ass et dunn (hellwech) bis an d'Kathedral gaangen.

Um 10 Auer huet eise Porverband (Ettelbréck, Feulen, Mertzig, Colmar a Schieren) eng feierlech Mass gefeiert. Et waren awer och nach vill aner Leit do, well d'Kathedral war gutt geféllt.

Den Här Paschtouer Weis huet des Mass ganz ënnert dem Thema, Eucharistie, zelebréiert.

D'Choralen hunn ënnert der Leedung vum Här Kuffer flott a feierlech



Lidder gesongen. Mir Massendénger hunn de Vater-Unser mat Gesungen virgebied.

Den Tour iwwert de Mäertchen huet natierlech och net gefeelt. Géint 13.00 Auer hu mir eis rëm mam Zuch op d'Heemrees gemeet.

Sylvie Berwick



AMIPERAS

31. GENERALVERSAMMLUNG VOM 19. JANUAR 2005.

Präsident Jos Lutgen konnte 82 Personen begrüßen, Mitglieder der Amiperas, Vertreter des Gemeinderates und zahlreiche Vertreter der Dorfvereine. Er dankte der Gemeinde für die finanzielle Unterstützung und den Arbeitern des Regiebetriebes für Ihre Hilfe.

Dann folgte eine Gedenkminute für die im vergangenen Jahr verstorbenen Mitglieder: François Bewer, Léonie Zimmer, Carlo Hengen, Jempy Blasius, Nicole Faber und Anne Brandenburger. Aus dem Tätigkeitsbericht, der von Maggy Garson vorgetragen wurde, konnte man die zahlreichen Aktivitäten aus dem vergangenen Jahr verfolgen:

- * Die letzte Generalversammlung fand am 14. Januar 2004 statt, 74 Personen waren anwesend.
- * Die traditionelle ‚Bretzelseier‘ am 17. März mit grosser Tombola und einer Brezel für jeden Teilnehmer.
- * Bei der ‚Bëschbotz‘ am 20. März wurde für alle Teilnehmer ‚Iertzebulli‘ a ‚Penné‘ gekocht.
- * Anlässlich der 1. Maifeier mit den weiblichen Mitgliedern der hiesigen Feuerwehr zusammen, ‚Iertzebulli‘, gekocht für die Teilnehmer am Umzug.
- * Ausflug am 17. Juni mit 19 Personen nach Diekirch ins neu eröffnete Automobil Museum. Die wunderschönen, gut gepflegten Oldtimer riefen bei vielen alte Erinnerungen hervor. In Arsdorf wurde ein gutes Mittagessen aufgetischt, und dann ging es weiter mit dem Solarboot auf dem Stausee.



FOTO 1: 2 flotte Typen beim Wagen der Grande-Duchesse Charlotte

- * Grillfest war am 30. Juli mit 70 Hungrigen.
- * Das Eisekuchenbacken auf der Vallisplaz am 2. September, mit einem Informationsstand des Club Senior Hiirzebiërg, war trotz landesweiter Strompanne wieder ein toller Erfolg.
- * Am 17. Oktober, Journée du Grand-Age mit 30 Jahresfeier. Nach einem herrlichen Mittagessen wurden die 85 Leute im Saal von den ‚Bänkelsängern‘ mit einem tollen Programm unterhalten und die ältesten Mitglieder wurden geehrt.
- * Wie immer war die ‚Krëschtfeier‘ am 15. Dezember, mit 96 Teilnehmern am Besten besucht, mit Tombola und Schecküberreichung an die Fondation Autisme Luxembourg.



FOTO 2: nach dem Mittagessen in Arsdorf

Der Vorstand tagte 7 mal. Der Verein zählt 112 Mitglieder und 179 Donateure.

An den 35. „porte-ouvertes“ nahmen im Schnitt 29 Personen teil. Die Finanzlage bleibt trotz einem Mali in der diesjährigen Jahresbilanz, positiv.

Da niemand sich in den Vorstand gemeldet hat, setzt dieser sich weiter wie folgt zusammen:

Präsident: Jos Lutgen, Vizepräsidentin: Mariette Hess-Werdel, Sekretärin und Kassierer:in: Maggy Garson-Dupont,

Mitglieder: Beatrix Wildgen-Frantal, Françoise Diederich-Schroeder. Helga Gillen-Wadlé, Jos Zeimes, Anita Hemes.

An dieser Stelle noch ein „GROSSES DANKE“ an unsere freiwilligen Helfer, die immer Hand anlegen, wenn die Amiperas etwas zu feiern hat.

Der Erlös der Sammlung 2005 geht an die Organisation „MATENEEN DOHEEM“.

BRETZELFEIER AM 2. MÄRZ

Am Mittwoch vor Halbfasten, das heisst vor dem „Bretzelsonndeg“ fand wieder die traditionelle Bretzelfeier statt. 75 Leute verbrachten wieder einmal einem flotten Nachmittag bei der Amiperas. Frau Barbara Wiesen vom Club Senior Hiirzebiërg erklärte die Arbeiten vom Club und lud die Mitglieder ein, auch an Ihren Aktivitäten teilzunehmen.

Danach spielte Luc bekannte Melodien, aber zum Tanzen waren nur wenige und dies auch nur kurz zu bewegen. Auch waren ein paar ‚Fuesgecken‘ unterwegs.

Die eingelegten Heringsfilets und der Kartoffelsalat schmeckte wieder allen.

Schliesslich erhielt noch jeder eine Bretzel.



Die nächsten Aktivitäten der Amiperas sind:

PORTE-OUVERTE:

am 1. und 15. Juni

am 6. und 20. Juli

AUSFLUG AM 8. JUNI

GRILLFEST AM 29. JUNI

EISEKUCHENBACKEN OP DER VALLISPLAZ AM 1. SEPTEMBER

SCHIREN AM DIGITALEN ZÄITALTER

AUS DER GENERALVERSAMMLUNG VUN DER SCHIRENER GEMEINSCHAFTSANTENN



Den 21. Abröll 2005 huet déi 38. Generalversammlung vun der Schirener Gemeinschaftsantenn stattfond. De Präsident Armand Bauler huet sech erfreet gewisen iwver déi gutt Zesummenaarbecht mat den Kollégen aus dem Verwaltungsrot, de Keessepräifer an der Gemeng.

A sengem Aktivitéitsbericht huet de Sekretär Jerr. Kemp informéiert, dass de Komité sech fir 6 Versammlungen getraff huet a bei 6 verschiddenen Evenementer vertraude war. D'Zuel vun den Abonénten beleeft sech op 469. Am analogen Programmangebot sin neiderdénks Terranova an NBC Europe, woumat elo 61 Fernseh- an 40 Radioprogrammen z'empfanke sin. Ausserdem gëtt och nach „Reality“ agespeist, eng Plattform mat zousätzlech ronn 80 digitalen TV- an 36 Radioprogrammen. D'Signal gëtt weiderhin vun der Ettelbrécker Gemeinschaftsantenn geliwert.

Ennerhaltsaarbechten vu gréisserem Ausmooss waren am ofgelafenen Joer nëtt noutwenneg. D'Antennenetz ass schons bis 862,50 MHz operéiert a mat bi-direktional-tauglechen Verstärker ekipéiert. Mat der Post (TV-Surf) a mat Luxembourg Online (cabletv.internet.lu) konnten Verträge ofgeschloss gin, déi via Antennenkabel een 24-Stonnen-Internetzougang mat 8-facher ISDN-Geschwindegkeet erlaben. Demnächst wäert och d'Telefonéieren iwver Internet zu den Servicer vu Luxembourg Online gehéieren. All nätzlech Informatiounen iwver d'Schirener Gemeinschaftsantenn sin um Internet ënnert „www.schieren.org“ ze fannen.

De Vertrag mat den Ayant droit vun den Autorenrechter ass verlängert gin an een aneren mat Eurosport ass ënnerschriwwen gin. Desweideren ass eng Konventioun mat der Gemeng ausgeschafft gin.



Geplangt sin ronn 100 Apartementer an 75 Häiser am neie Lotissement „in der Wieschen“, sou dass d'Aarbecht an Zukunft bestëmmt nëtt wäert ausgoen, weder wat den weideren Ausbau vum Antennen-Netz ugeet, nach bei den techneschen Erausforderungen.

Aus dem Keessebericht vum Jerr. Kemp war gewuer ze gin, dass déi finanziell Situatioun als gesond betruecht ka gin. Onverännert bleiwt de Präis fir een neien Uschloss bei € 1.000,- grad wéi de jährelche Beitrag bei € 85,-.

D'Keessepräifer hun eng einwandfräi Féierung vun de Bicher bestätegt an den Tresorier an de Verwaltungsrot hun d'Entlaaschtung vun der Generalversammlung kritt.

Neiwahlen ware keng néideg, déi austriedend Memberen hun hirt Mandat verlängert an nei Kandidaturen louchen keng vir. De Verwaltungsrot setzt sech folgendermoossen zesummen: Armand Bauler (Präsident), Rudy Bever (Vize-Präsident), Jerr. Kemp (Sekretär an Tresorier), Steve Lamborelle, Jang Mons (Memberen), Christian a Roger Stelmes (Memberen an Techniker). Keessepräiffer bleiwen Claude Graff, Jos. Nilles an Raymond Schreiner.

Uschléissend huet de Präsident vun der Ettelbrécker Gemeinschaftsantenn Alain Feypel een Abléck gin, wat an Zukunft nach alles iwver d'Antennenetz méiglech ass, an zesummen mat den Komités-memberen op d'Froen, déi während der fräier Aussprooch gestallt goufen, geäntwert. De Buergemeeschter Jos Lutgen huet sech am Numm vun der Gemeng beim Komité vun des ACS bedankt an och weiderhin hir Ennerstëtzung zougesot.

Oferonnt gouf d'Generalversammlung mat engem gemittlechen Patt.

Jerr. Kemp



Programmes Radio par fréquence		
MHz	Tuner	Programmes UKW
87,8		non utilisé
88,3		France Inter
88,8		France Culture
89,3		France Info
89,8		France Musique
90,3		Radio Interculturelle
90,8		RTBF Classic 21
91,3		RTBF Wallonie
91,8		RTBF Première
92,3		RTBF Musique 3
92,8		Eldorado
93,2		Radio Ara
93,6		DNR (De Neie Radio)
94,0		RTL 92,5
94,5		RSC 100,7
95,0		RTL Radio
95,4		Bayern 4 Klassik
95,8		DLF
96,2		WDR 4 (ADR)
96,7		SR 1 Saar
97,2		SR 2 Saar
97,7		SR 3 Saar
98,2		SR 4
98,7		Radio Salu (Saarbrücken)
99,2		SWR 1 RP
99,7		RPR Zwei
100,2		S 2 Kultur
100,6		SWR 4 TR
101,0		Eins Live (WDR)
101,4		SWR 3
101,8		Radio Horeb
102,2		RPR Eins
102,6		NDR 4
103,0		Sky Radio
103,5		Klassik-Radio Hamburg
104,0		Radio Melodie (ADR)
104,5		BBC
105,0		Radio Latina
105,5		Ladio Lora
106,0		WDR 2
106,5		non utilisé
107,0		Radio RTP1
107,5		non utilisé
108,0		non utilisé

ANTENNE COLLECTIVE

SCHIEREN A.S.B.L.

Pour toute question d'ordre technique ou pour une réclamation, veuillez vous adresser à M. Roger STELMES (tél.: 81 26 60 ou 091 81 26 60.)

www.cabletv.internet.lu

LOI LUXEMBOURG ONLINE

tél. gratuit 12 422 **TV SURF**

Veuillez adresser toute correspondance à:
Antenne Collective Schieren a.s.b.l.
c/o M. Jerr. KEMP
14, rue des Vergers L-9134 Schieren

Conseil d'Administration
de l'Antenne Collective Schieren a.s.b.l.

BAULER Armand	Président
BEVER Rudy	Vice-président
KEMP Jerr.	Secrétaire et Trésorier
LAMBORELLE Steve	Membre
MONS Jean	Membre
STELMES Christian	Membre
STELMES Roger	Membre

Nous vous souhaitons bonne réception

Antenne Collective Schieren asbl

Liste des programmes TV et radio

WWW.SCHIEREN.ORG

ANTENNE COLLECTIVE SCHIEREN a.s.b.l.

valable à partir du mois d'avril 2005

Signal livré par l'Antenne Collective Ettelbruck asbl

Programmes TV par fréquence					
Canal	MHz	Canal	Programme TV		
			INTERNET TV-Surf		
			Progr. radio UKW		
S 2	112,25	81/82	DSF	D	
S 3	119,25	82/83	RTL Tele Lëtzebuerg		
S 4	126,25	83/84	PRO 7		
S 5	133,25	84/85	SW 3		
S 6	140,25	85/86	ARD		
S 7	147,25	86/87	RTP1		
S 8	154,25	87/88	RTL TVI (décodé)		
S 9	161,25	88/89	SAT 1		
S 10	168,25	89/90	TF 1		
K 5	175,25	05	TANGO TV		S
K 6	182,25	06	ZDF		
K 7	189,25	07	RTL Television (D)		
K 8	196,25	08	RTBF 2		
K 9	203,25	09	RAI UNO		
K 10	210,25	10	FRANCE 2		
K 11	217,25	11	RTBF 1		
K 12	224,25	12	FRANCE 3		
S 11	231,25	90/91	RTL 2	O	
S 12	238,25	91/92	Info-Kanal/Nordlicht		
S 13	245,25	92/93	RTL 4 (décodé)		
S 14	252,25	93/94	EUROSPORT		
S 15	259,25	94/95	M 6		
S 16	266,25	95/96	MDR		
S 17	273,25	96/97	3 SAT		

Programmes TV par fréquence				
Canal	MHz	Canal	Programme TV	
S 18	280,25	97/98	RAI DUE	D
S 19	287,25	98/99	ARTE (D)	
S 20	294,25	99/00	CANAL + (belge)(codé)	
S 21	303,25		TVE	
S 22	311,25		VOX	
S 23	319,25		KABEL 1	
S 24	327,25		BBC WORLD	
S 25	335,25		RTL CLUB	
S 26	343,25		N 3	
S 27	351,25		N-TV	
S 28	359,25		SUPER RTL	S
S 29	367,25		PHOENIX	
S 30	375,25		WDR	
S 31	383,25		BR 3	
S 32	391,25		CNN	
S 33	399,25		FASHION TV	
S 34	407,25		BLOOMBERG	
S 35	415,25		MTV	
S 36	423,25		TV 5	
S 37	431,25		CHAMBER TV	
S 38	439,25		VIVA 1	O
K 21	471,25	21	RTL 9	
K 22	479,25	22	ARTE (F)	
K 23	487,25	23	BR ALPHA	
K 24	495,25	24	HR 3	
K 25	503,25	25	N 24	

Programmes TV par fréquence

Canal	MHz	Canal	Programme TV	
K 26	511,25	26	VIVA +	L
K 27	519,25	27	CNBC	
K 28	527,25	30	9 LIVE	
K 29	535,25	29	RBB	
K 30	543,25	30	MTV 2	
K 31	551,25	31	LIBERTY TV.COM	
K 32	559,25	32	KIKA	
K 33	567,25	33	-	
K 34	575,25	34	LA 5	
K 35	583,25	35	-	
K 36	591,25	36	VIDEO	D
K 37	599,25	37	-	
K 38	607,25	38	NBC EUROPE / GIGA	
K 39	615,25	39	TELE 5	
K 40	623,25	40	TERRANOVA	

Internet via câble TV

LOI LUXEMBOURG ONLINE **TV SURF**

www.cabletv.internet.lu Tél.: 12422 (no gratuit)

Rendez-nous visite à l'Internet
<http://www.schieren.org>

WWW.SCHIEREN.ORG

ANTENNE COLLECTIVE SCHIEREN a.s.b.l.



TURNVERÄIN SCHIEREN ASBL



INVITATIOUN

**UN ALL MEMBEREN A FRËNN
VUM TURNVERÄIN**

Summerfest

SONNDES DEN, 26. JUNI 2005

AN DER SPORTSHAL vun 14.30 Auer un.

Optrëtt vun eisen Sektioonen:
MAMAN ET BÉBÉ,
ONS KANNER a SELF DÉFENSE

Initiatiounscours fir nei Adepten vum NORDIC WALKING

An der Cafeteria suerge mir, dass Dir keen Honger a
keen Dusch leide musst.

Merci am Viraus fir Äere Besuch!

NORDIC WALKING

Nordic Walking ass e Ganzkierpertraining fir Jonk an Al.

Et steigert d'Konditioun, trainéiert d'Béen- an déi verschidde Muskelen vum Uewerkierper, stierkt d'Rëckenmuskulatur, verbessert d'Beweglechkeet an de Schëlleren, léist Verkrampfungen an fördert d'Duerchbluddung.

Nëmmen wéinech Sportarten bidden esou eng effektiv Méiglechkeet, ca 90% vun der Muskulatur ze trainéieren.

Bengelen, déi un Äer Gréisst ugepasst sinn, kritt Dir geléint!

AVIS AUX AMATEURS!

Kemp Juliette



THEATERFRENN

Virun ausverkaaftem Sall hun d'Akteuren John Hilger, Marianne Weis, Nicole Di Cato, Denis Schmitz, Lucienne Pick, Claude Schaus, Bianca Depuydt an Nicole Berwick den 9. 15 a 16 Abrëll 2005 de lëschtengen Dräiakter:

„HEICH ZÄIT FIR D'HOCHZÄIT“

opgefouert.

No wochelaangem Prouwen, hu mir ënnert der Regie vum Jang Hirt versicht eist Bescht ze gin. Datt dat eis gelongen ass, huet de Publikum duurch säin Applaus bei all Szenewiessel bewisen. Sou munche Laachmuskel ass strapazéiert gin a munnech Tréin ass gewëscht gi vu lauter Laachen.

Theaterfrënn soen de Leit vu Schieren an Ëmgéigend, hirer Famill, hire Frënn a Memberen, der Schiererener Gemeng an hire Sponsoren e grouse Merci fir hir Ënnerstëtzung. E besonnesche Merci all deenen déi gehollef hun eis schéi Bühn opriichten.

Lucienne Pick



SCHIEREN AM JOER 1951

LETZEBURGER DIERFER:

Den Artikel niewendrun war den 2. Juni 1951 an der «Revue» publizéiert ginn. Wann een sech elo d'Méi mëcht, en ganz am Detail ze liesen, an et vergläicht een d'Realitäten vun deemols an haut mateneen, da stellt ee fest, dat an e bëssen méi wi 50 Joer awer och praktesch alles changéiert huet. E puer Beispiller gefälleg:

- d'Zuel vun den Awunner huet sech bal verduebelt, al Haiser ginn ofgerappt a maachen Plaz fir grouss Residenzen.
- an d'Plaz vun den alen Handwierksbetriber (Schmadd, Brenner, Schouster, Schreiner, Bäcker, Epicier, Metzler, Gäertner, Gipser, Usträicher, Schneider) hunn sech eng ganz Partie mëttelstänneg Entreprises haapt-sächlich an der Industriezon etabléiert.
- D'Bauerebetriber si ganz vun der Bildfläch verschwonn.
